



OUSCHTEREEËR FIERWEN, FIR BIBER



Wat s du brauchs

- Eeër (am beschte wäiss Eeër)
- E Kachdëppe pro Faarftoun
- Esseg, Ueleg
- E puer hëtzebest Dëppercher Fir déi verschidden

Fir déi verschidde Faarwen (pro 1 Liter Waasser)

- Gréng: Spinat (500g)
- Rout: Roude Kabes (500g)
- Orange-Giel: Kurkuma (1-2 EL)
- Blo-mauve: Heidelbeeren (2 Gräpp voll)
- Rosa-rout: rout Rommelen (1-2 Stéck)
- Routbrong: Ënneschuelen (3 Gräpp voll)
- Brong: Kaffi (100g)

Wat s de elo maache muss

Sich der eng Faarf eraus a lee dat passend Naturprodukt an en Dëppen.

Dono kommen d'Eeër dobäi an alles gëtt mat Waasser bedeckt. (Wichtig: Benotz fir all Faarf en anert Dëppen)

Dat Gantz muss elo op der Kachplack 20 Minutten laang kachen.

Opgepasst

Fro een Erwuessenen, fir datt hien dir dobäi hëlleft!

No 20 Minutte muss een d'Eeër eraushuelen an se an en hëtzebest Dëppche leeën.

D'Flëssegkeet aus dem Dëppe gëtt iwwert d'Eeër geschott, sou dass se ganz iwwerdeckt sinn.

Fir méi eng schéi Faarf ze kréien, schëtt een nach e grouse Löffel Esseg dobäi a léisst dat gantz nach fir op mannst 4 Stonnen (am beschten iwwer Nuecht) an der Flëssegkeet zéien.

Dono ginn d'Eeër aus der Flëssegkeet erausgeholl an dréchnen gelooss. Fir méi eng intensiv Faarf ze kréien, ginn d'Eeër zum Schluss nach mat Ueleg ageriwwen.



Lued eng Foto vun denger Aktioun op lgs.lu/scoutendoheem erop.

Déi bescht Fotoen aus all Branche gewannen ee flotte Kado.

